ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister, den Här Energieminister an un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

D'Benzinspräisser zu Lëtzebuerg si säit dem 1. Januar 2021 massiv geklommen. De Stand vun haut ergëtt folgend Bild:

| Aart vum Brennstoff | Literpräis nom Stand vum 11. Mäerz 2021 |
|---|---|
| Diesel | 1,16 € |
| Euro Super 95 (E10) | 1,27 € |
| Euro Super 98 | 1,34 € |

Duerfir hunn ech folgend Nofro un den Här Transportminister, den Här Energieminister an un den Här Finanzminister:

1) Aus wéi enge Komponente setzt sech de Präis vun deenen uewen zitéierte Brennstoffer fir privat Gefierer zesummen?
2) Wéi een Undeel fält op de Basispräis, wéi een op d'Accisen, wéi een op d'Steieren?
3) Op wéi ee Montant gëtt finalement d'TVA applizéiert?
4) Wéi ee Steier- an Acciseregime ass aktuell fir Brennstoffer vu landwirtschaftlech genotzte Gefierer applicabel?
5) Wéi ee Steier- an Acciseregime ass aktuell fir Brennstoffer vu professionellen Giddertransportgefierer applicabel?
6) Wéi ee Steier- an Acciseregime ass aktuell fir Brennstoffer vu professionell genotzte Persounentransportgefierer ausserhalb vum ëffentlechen Transport applicabel?
7) Wéi beurteel d'Regierung déi finanziell Belaaschtung vun den aktuelle Brennstoffpräisser op de gesamten Transportzyklus vun eiser Ökonomie?
8) Wéi beurteelt d'Regierung déi sozial Belaaschtunge vun den aktuelle Brennstoffpräisser fir Leit mat engem klenge Revenu? Souwuel en vue vum perséinlechen Transport wéi och en Vue vun den Auswierkungen op de Gesamtpräiszyklus?

9) An der Äntwert op d'Fro Nummer 1947 vum honorablen Deputéierte Fernand Kartheiser vum 27. Februar 2020 huet d'Regierung geäntwert, et wier nach ze fréi fir d' Auswierkung vun den deemools rezent decidéierte Steierhaussen op Brennstoffer op den "Tanktourismus" ze bewäerten. Wéi beurteelt d'Regierung des Situatioun ee Joer an eng Réi zousätzlech Steierhausse méi spéit?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**